GOURMETEN?

Vullen hunn däitlech manner Geschmaachsknospe wéi Mamendéieren a Fësch:

- Wëll Int: 500
- Mënsch: 10.000
- Kanéngchen: 17.000
- Wels: 100.000

Awer anescht ewéi bei de Mamendéiere sinn de Vullen hir Geschmaachsknospen net just op der Zong, mä am ganze Schniewel.

Déi meescht Vulle schmaache séiss, sauer, salzeg a batter. Verschidden Tangarenaarten (wéi Palmentangare Thraupis palmarum) kënnen esouguer ënnerscheeden, ob Friichten 8%, 10% oder 12% Zocker enthalen.

Um sauere Goût erkennt de Bloe Maarkollef (Cyanocitta cristata) d'gëfteg Monarch-Päiperleken an hir Raupen a späizen se direkt nees eraus.



Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.